




Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°1701 du 20 décembre 2024 de Monsieur le député Tom Weidig au sujet de l'alimentation électrique

Am leschte Rapport vum ILR iwwer de Lëtzebuenger Stroummarché "Chiffres clé du marché de l'électricité, Année 2023, Partie I"¹ vu Juni 2024 kann een noliesen datt 2023 52.3% vum Stroum aus Däitschland importéiert goufen. D'Evolutioun vun dëser Zuel ass an deem Rapport duergeluecht an am Tableau hei drënner duergestallt.

Volume importé [GWh]	2019	2020	2021	2022	2023
Belgique	240	390	1 141	1 927	2 211
France	1 338	1 155	1 146	134	107
Allemagne	4 029	3 584	3 110	3 188	2 546
TOTAL	5 607	5 129	5 397	5 249	4 864

De Profil vun der däitscher Liwwerung kann op der Transparenz-Plattform vun ENTSO-E, dem Verband vun den Europäeschen Netzbedreiwer an Europa, consultéiert ginn, an ass am Grafik hei drënner fir d'Joer 2023 duergestallt. De Minimum louch do bei 0 MW, de Maximum bei 800 MW, an d'Moyenne bei 290 MW.



Well de Präis um Grousshandelsmarché vum Equiliber tëscht Offer an Demande ofhänkt, Lëtzebuerg mat Däitschland zesummen eng Marchézon duerstellt, an e groussen Deel vum Stroum an där Marchézon duerch Wand a Sonn produzéiert gëtt, variéiert de Präis effektiv och zu Lëtzebuerg jee no Disponibilitéit vun de Ressourcen. Wéi grouss deen Effekt ass, hänkt vun der jeweileger Situatioun of a kann net präzis chiffréiert ginn.

¹ <https://assets.ilr.lu/energie/Documents/ILRLU-1685561960-1222.pdf>



Allgemeng ass et awer esou, datt den europäesche Bannemarché dofir suergt, datt de Stroum ëmmer méiglechst käschteneffizient produzéiert a verdeelt gëtt, wat jee no Disponibilitéit vun de Ressourcen zu engem ënnerschiddleche physikalesche Stroummix féiert.

Nieft de Präiseffekter, déi mat dozou bäidroen, datt ëmmer esou vill an esou mann produzéiert gëtt ewéi grad gebraucht gëtt, kann d'Zouverlässegkeet vun der Stroumversuergung nëmmen am europäesche Gesamtsystem sënnvoll bewäert ginn, esou wéi duerch d'ENTSO-E all Joer am Detail verëffentlecht.² Et weist sech, datt Lëtzebuerg an Däitschland an de leschte Jore gutt ofschneiden, gläichzäiteg awer déi weider Entwécklungen - grad am Beräich vun den erneierbaren Energien, dem Ausbau vun de Reseauen, steierbare Kraaftwierker a Flexibilitéit - ëmmer genee musse suivéiert ginn.

De Rapport iwver d'Versuergungssécherheet am Stroumberäich zu Lëtzebuerg, dee vum Commissaire à l'Énergie erstellt gëtt, kënnt ob änlech Conclusiounen. De Bau vun der ugeschwate 380kV Leitung tëscht Däitschland a Lëtzebuerg ass virun deem Hannergrond als positiv an noutwenneg ze bewäerten, fir och an Zukunft ouni Enkpäss genuch Stroum op Lëtzebuerg ze bréngen.

Am Fall vu Problemer am Betrib vun den interconnectéierte Stroumnetzer sinn d'Länner an d'Netzbedreier iwver europäesch "Network Codes" obligéiert, méiglech negativ Impakter op Nopeschlänner op e Minimum ze reduzéieren, wat sech och op déi däitsch-Lëtzebuerger Zesummenaarbecht am Stroumberäich applizéiert. Do dernieft hu souwuel d'Netzbedreier wéi och d'Regierung Noutfallpläng fir eventuell Krisesituatiounen déi reegelméisseg getest ginn.

Luxembourg, le 17/01/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles

² <https://www.entsoe.eu/outlooks/eraa/>